N°3628
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Eis ass zu Ouere komm, datt am Kontext vun de CLIJA- an ACCU-Klasse mëttlerweil och Proffen aus dem Classique erugezu ginn, fir Kanner mat Fluchthannergrond ze ënnerriichten. Dës Proffe stinn oft viru groussen Erausfuerderungen, well si net fir dës Aufgab ausgebilt goufen a well déi betreffend Kanner oft keng vun den dräi Verwaltungssproochen hei am Land beherrschen an och soss net iwwer genuch Virkenntnesser verfügen, fir ze verstoen, wat de Proff hinne versicht bäizebréngen. Konkret hu mir héieren, datt e Franséisch-Proff senge Schüler de Grondvocabulaire mat de Personalpronomen (je, tu, il/elle, asw.) an e Mathésproff hinnen d'Zuele vun 1 bis honnert op Franséisch huet misse bäibréngen.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister confirméieren, datt am Kontext vun de CLIJA- an ACCU-Klasse mëttlerweil och op Proffen aus dem Classique zréckgegraff gëtt? Wa jo:
2) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt e nominéierte Professer definitiv iwwerqualifizéiert ass, fir op deene Klasse Schoul ze halen?
3) Wéi vill Proffen aus dem Classique ginn aktuell fir dës Aufgab agesat?
4) Wéi eng pedagogesch, personell a finanziell Logik läit dëser Zouweisungspraxis zegronn, a wéi eng Käschte verursaacht eng entspriechend CLIJA- oder ACCU-Klass mat voll ausgebilte Lycéesproffen am Verglach zu alternative Modeller mat spezialiséiertem Fërder- oder Betreiungspersonal?
5) Kann den Här Minister confirméieren, datt et an deene Lycéeën, wou ausgebilt Proffe fir Accueilsklassen agesat ginn, keng Penurie u Proffen an deene betreffende Fächer gëtt?
6) Wéi vill Lycéesproffen hunn an de leschte fënnef Joer ëm Versetzung oder Entlaaschtung aus CLIJA- bzw. ACCU-Klasse gebieden, a wéi eng Konsequenzen zitt de Ministère doraus?
7) Gëtt et eng legal Basis, fir Proffen aus dem Classique a CLIJA- an ACCU-Klassen anzesetzen? Wa jo: wéi eng?
8) A wéi engem Ëmfang hunn d'Lycéesdirektiounen Entscheedungsspillraum, wat d'Asetze vun ausgebilte Proffen an CLIJA- bzw. ACCU-Klassen ugeet?
9) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt de Beruff vum Lycéesproff zu Lëtzebuerg un Attraktivitéit verléiere kéint, wa Lycéesproffen no jorelaanger Fachausbildung an engem haarde Selektiounsverfaren a Klassen agesat ginn, an deene Fachunterrecht, z.B. an der Mathematik, faktesch onméiglech ass?

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten